



IN 030
Entrée le 17.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.06.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture	8
Référence : 444/224	
18 JUIN 2024	
A traiter par :	
Copie à :	

Lëtzebuerg, den 17/06/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesche fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.

Den 12ten Juni gouf um RTL driwwer bericht, dass bei Konsdref e Känguru fortgelaf ass. Den 13ten Juni gouf um RTL den Artikel aktualiséiert an d'Veterinärsinspektioun koom zu Wuert. Laut der Veterinärsinspektioun wier zu Lëtzebuerg bis ewell nach ni eng Autorisatioun, fir e Känguru ze halen, ausgestallt ginn. Weider heescht et: "Am Kader vum Déiereschutzgesetz gëtt et eng positiv Lëscht vun Déieren, déi een däerf halen. Do sinn dann och Konditiounen festgesat. Wann awer elo een en Déier onbedéngt wëll halen, wat net op där positiver Lëscht steet, da brauch en dofir eng Autorisatioun vum Minister"

An deem Zesammenhang wëlte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fir wat fir eng exotesch Déiere goufe bis elo esou Autorisatiounen u Privatpersoune vum Ministère ausgestallt?
2. Ëm wéi vill Déieren handelt et sech heibäi jeeeweils opgelëscht no Aart?
3. A wéi ville Fäll gouf eng Autorisatioun refuséiert a fir wat fir eng Déiere war dat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten



www.piraten.lu



**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 896
vun den éierbaren Deputéierten Marc Goergen an Ben Polidori**

**1. Fir wat fir eng exotesch Déiere goufe bis elo esou Autorisatiounen u Privatpersoune vum
Ministère ausgestallt?**

Et goufen, baséierend um Art. 5 vum Déiereschutzgesetz vum 27. Juni 2018, 78 Autorisatioune fir
Déieren ausgestallt, déi net op der positiver Lëscht stinn. Déi Autorisatioune verdeelen sech wéi
follgend:

Alpaka: 20	Lama: 4	Damwëld: 2	Wëllschwäin: 1	Nandu: 1
Emu: 1	Strauss: 1	Schildkröten: 3	Schlangen: 9	Spannen: 25
Skorpiounen: 5	Echsen: 3	Wanzen: 1	Pfeilgiftfrosch: 1	Känguru: 1

2. Ëm wéi vill Déieren handelt et sech heibäi jee weils opgelëscht no Aart?

Déieren, déi virum Akraafttriede vum Déiereschutzgesetz am Besëtz waren, ginn individuell
autoriséiert. D'Zucht mat hinnen ass net erlaabt. An deem Kader goufe bis elo 6 Alpakaen, 7
Lamaen, 3 Schildkröten, 127 Schlaangen, 26 Spannen, 13 Echsen a 6 Pfeilgiftfrösche autoriséiert.
Autorisatioune fir Déieren nom Akraafttriede vum Gesetz kënnen d'Zucht an den Zoukaf erlaben.

3. A wéi ville Fäll gouf eng Autorisatioun refuséiert, a fir wat fir eng Déiere war dat?

Vun den agerechten Autorisatioune gouf bis elo nach keng Demande no der Evaluatioun refuséiert.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN